Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 25. August 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano** | |
| **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** | **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby exc.** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Gilles Mores** | | |

## 1. Organisatioun vun der TKS fir d'Saison 2023-2024

Zoustännegkeetsberäicher :

Koordinatioun : Jean-Marc
Statistiken vum Ekippechampionnat + Kontroll vun de Spillbéi : Steve
Eenzel- an Tandemmeeschterschaften : Claude
International Mätcher: Gilles
Kalënner: ???

Vu dass den Uwe nach an der Vakanz ass, gëtt dëst Thema an eiser nexter Sitzung nach eng Kéier duerchdiskutéiert. Mär missten e Kandidat fir de Presidenteposten, fannen, den eventuell ab der nexter Saison d'Féierung vun der TKS iwwerhëllt.

## 2. Ekippechampionnat 2023-2024

Diskussioun iwwer d'Opdeelung vun de Mätcher iwwer di verschidde Méint. Mär zu Péiteng 4 Ekippen op 1-4, 4 Ekippen op 5-8 an zu Schlënnermarnecht esouguer 6 Ekippe spillen. Falls Problemer optrieden, musse mär flexibel handelen.

## 3. Trainingsplanning Péiteng

Et gouf iwwer den digitalen Kalënner diskutéiert. Well awer, nierwend all de Virdeeler, d'Angscht besteet, dass e groussen Deel vun eise Spiller Problemer mat der Gestioun vun dësem Programm wäerten hunn, gouf sech dofir entscheed dës Iddi am suspens ze halen. Et gëtt fir d'éischt kontrolléiert wirwat decidéiert gouf, dass een sech nëmmen den Dag selwer aschreiwe kann. Falls kee valabelt Argument fonnt gëtt, erlabe mär jidder Spiller, sech 2 Deeg am viraus anzeschreiwen. *(ech hu mam Berto doriwwer geschwat. Et besteet kee Problem méi fir sech 2 Deeg am viraus anzeschreiwen. Nodeems ech mam Matteo geschwat hunn, machen ech e Communiqué fir op eisen Internetsite an e Post op Facebook.)*

**Partenaires de la F.L.Q.**

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

### 4. Transfer vum Luca Jungers op den SKV Tréier

Hei d'Chronologie an d'Erklärungen vum Jean-Marc, wirwat den Transfert genemegt gouf:

- Ufro vum Luca nom Délai (30. Juni)
- De Büro vun der FLQ stellt, gemäss dem Sportkeelereglement, keng Fräigab aus
- D'Mandy an de Chris froen an engem e-mail, op keng Ausnam kéint gemach ginn
- Détailléierten e-mail vum Jean-Marc un d'Memberen vun der TKS mat allen Erklärungen iwwer Fräigaben vun der vireschter Saison an der Fro, op an dësem Fall, vu dass et sech em en Nowuesspiller handelt, eng Ausnam gemach soll ginn
- De Chris deelt dem Jean-Marc an engem Telefonsgespréich mat, dass d'Mandy an hién de Luca falsch beroden hunn. Si hunn him gesot, dass hién d'Fräigab och nach nom Délai géif kréien, wann hién um Listing net ënnerschriwwen hätt. Hién an d'Mandy hätten se geiirt an et wier hir Schold, dass de Luca net mat Zäiten ugefrot hätt.

Dëse Fakt ännert alles, och den Zoustännegkeetsberäich fir d'Entscheedung. Esou wéi sech de Fall am Ufank duerchgestallt huet, ass et ëm d'Fro gangen, op eng Ausnam zum Reglement gemach géif ginn. Vu dass d'TKS zoustänneg ass fir d'Reglement am Sportkeelen, wier et konsequent logesch gewiecht, dass d'TKS och d'Entscheedung hëllt, op eng Ausnam gemach gëtt oder net. No dëser Entscheedung, hätt jiddereen, den net domat averstanen gewiecht wier, d'Recht gehat, sech beim CA ze beschwéieren an et wier dann eréischt um CA gewiecht fir seng Entscheedung ze huelen.

Nom „mea culpa" vum Mandy a vum Chris stellt sech de Fall ganz anescht. Net de Luca huet e Feler gemach, mee 2 Mandatären vun der FLQ. Doduerch muss d'Fräigab erstallt ginn an de Luca ka säin Transfer machen. Am Fall, wou den Transfer net validéiert géif ginn, wieren d'Konsequenzen di folgend:

- Ee Spiller (an dësem Fall nach schlëmmer, en Nowuesspiller) misst d'Folgen vun engem Feler vun 2 Mandatären droen. **Den ieweschten Prinzip an der FLQ muss sinn, dass esou eppes op kee Fall däerf passéieren.**
- D'Mandy an de Chris géifen schlecht vis-à-vis vun de Jugendspiller dostoen.
- Den **Image vun der FLQ a senger Mandatären** wier an der Ëffentlechkeet nohalteg geschiedegt. Sämtlech Mandatären wieren net méi glawwierdeg. All Ausso kéint jo hannendrunn nach ëmmer geännert ginn.

D'FLQ muss an der Ëffentlechkeet voll hannert hiere Mandatäre stoen. Feler wäerten och an der Zukunft ëmmer ërem virkommen, obschon alles Méigleches muss gemach ginn fir se ze vermeiden.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

De Jean-Marc wäert dem Mandy an dem Chris an enger Entrevue den 1. September nach eng Kéier ganz däitlech erklären, wat hieren Zoustännegkeetsberäich ass a wat fir Diskussiounen hiere Feler ausgeléist huet.

### 5. Jugend-WM zu Düsseldorf

D'TKS rifft eng Versammlung mat all eise Coachen an, fir e Bilan vun der Jugend-WM ze zéien. Diskussiounspunkte sinn d'Resultater an de Spillmodus, awer och d'Koordinatioun vun den zukünftegen Traininger.

### 6. Prioritéiten fir d'Saison 2023-2024

Vu dass ab dëser Saison eng nei Divisiounsopdeelung antrëtt, gesäit d'TKS keen Ulooss, fir Reformen ze plangen. Op internationalem Plang versiche mär virun beim WM an WC eis Iddiën eranzebréngen.

### 7. Verschiddenes

#### a. International Mätcher

- Triangulaire mat der Belsch a Frankräich den 21. Oktober zu Dampicourt (B)
- Mätch géint d'Saarland den 28. Oktober wahrscheinlech zu Hüttersdorf
- Mätch géint Holland: mär schloen hinnen de 27. Abrëll zu Péiteng vir
- Kontakter mat de Flamänner vir eventuel e Mätch

**Next Sitzung ass an der Woch vum 9. Oktober zu Péiteng.**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952